



Marianne CONRARDY-NICKELS

Alter beim Hirschlag : Mat 44 am Joer 2005.

Famill : Bestuet mam John. 2005 haten de Scott 13 an d'Tessy 7 Joer.

Beruff : Selbstänneg an eegenem Biobaeckereibetrieb : Bäckerei Scott.

Wat konnt ech net méi :

Ech war net méi selbstänneg, hat Problemer beim Goen, beim Schlécken (Schlucklähmung), beim Kucken (ech hunn duebel gesinn), beim Schreiwen.

Wat kann ech erëm :

Ech si selbstänneg an ech kann erëm goen, wann och méi lues. Elo maachen ech leider kee Verkaf méi, mee haaptsächlech Bürosaarbechten an ech schnësse mat de Leit am Betrib a mat de Clienten.

Wat hunn ech duerch den Hirschlag verluer :

Ech hu Gläichgewichtsproblemer, Schwindel. Ech spieren op der rietser Säit Hëtzt a Keelt just e bëssen, esou dass ech mech liicht verbrennen. Ech hu Problemer mat den Aen.

Wat hunn ech duerch den Hirschlag gewonnen :

Mäin zum Deel groussen, unerzunene Pessimismus ass bal ganz verschwonnen an duerch positiivt Denken ersat ginn. Ech sinn elo vill méi bewosst a liewensfrou. Ech si frou, dass et mir passéiert ass, well ech domadder mäi MECH selwer fonnt hunn. Ech hunn Zäit fir mech selwer a loosse kee Stress zou. Ech brauch um WE net méi opzestoen. Mäi Liewen ass ganz ëmgekrepelt an ech liewe VILL méi bewosst.

Bilan :

Unhuelen, Verzeien, Dankbarkeet gött ons eng immens Zefriddenheet. Mënschlechkeet an aner Wäerter (keng materialistes) kritt een duebel erëm, wann een se och erausschéckt vum déifsten Häerz. Mäi Gléck war, dass ech eng 2. Geleeënheet fir ze liewe geschenkt kritt hunn.

Âge au moment de l'AVC :

À l'âge de 44 ans au moment de l'AVC.

Famille : Mariée avec John. En 2005 Scott avait 13 ans et Tessy 7 ans.

Profession : Indépendante dans notre propre boulangerie, la „Boulangerie Scott“.

Ce que je ne savais plus faire :

Je n'étais plus autonome, j'avais des difficultés à marcher, à déglutiner (paralysie de la déglutition), à regarder (vue double), à écrire.

Ce que j'ai récupéré :

J'ai retrouvé mon autonomie, je sais à nouveau marcher, même si c'est au ralenti. Malheureusement je ne pratique plus la vente, mais surtout des travaux de bureau et je bavarde avec les collaborateurs de l'entreprise et les clients.

Ce que j'ai perdu à la suite de l'AVC :

J'ai des problèmes d'équilibre, des vertiges. Du côté droit je ne sens la chaleur et le froid qu'un tout petit peu, de façon à me brûler facilement. J'ai des troubles de la vue.

Ce que j'ai gagné à la suite de l'AVC :

Mon penchant pour le pessimisme, qui est en grande partie la suite de mon éducation, a presque complètement disparu et a été remplacé par une philosophie positive face à la vie. Je vis plus consciemment et plus joyeusement. Je suis satisfaite de mon sort, parce qu'ainsi j'ai su découvrir mon propre MOI. Je donne du temps à moi-même et ne permets plus au stress de m'envahir. Le Weekend je ne dois plus me lever tôt. Ma vie a changé du tout au tout et je vis avec une conscience BEAUCOUP plus grande.

Bilan :

Accepter, pardonner, être reconnaissant nous donne une très forte sensation de plénitude. L'ouverture envers les hommes et d'autres valeurs (non matérialistes) sont doublement payées de retour, à condition de les pratiquer du fonds du coeur. Ma chance a résidé dans le fait d'avoir reçu une 2^e vie.



BLËTZ a.s.b.l.
Association luxembourgeoise pour personnes
concernées par un accident vasculaire cérébral

BLËTZ a.s.b.l. • 68 rue du Château, L-3217 Bettembourg
Tél.: 621 88 00 88 • info@bletz.lu • www.bletz.lu